

**Die Pfarrei Niederanven hat es durchgesetzt:
Hier gibt es keine feierliche, erste Kommunion mehr. Andere Pfarreien
wehren sich energisch gegen deren Abschaffung. In den folgenden
Beiträgen lesen Sie mehr über Für und Wider einer Erstkommunionfeier.**

Eng Par feiert Eischtkommunioun

D'Par Rued/Sir stellt sech Froen iwwer e pastorale Problem

An der Iwwerschrëft as schon e Grondprinzip ausgeschwat, dee mir fir eis Reflexiounen hei ganz wichteg fannen. Eng Par feiert Eischtkommunioun nët eng eenzel Famill, och nët eleng e Grupp vu Familljen.

Eng Feier an enger Par, wou et ëm "Kommunioun" geet, wou et drëm geet, a Kommunioun ze sin mat de Leit, déi zu där Par gehéieren, kann also nëmmen a Kommunioun mat der ganzer Par gefeiert gin.

Soubal eng Eischtkommunioun als eng Feier fir sech gekuckt gët, wou di verantwortlech Leit versichen, e gutt Bild vu sech an hirem Kënnen ze gin, soubal dat geschitt, as et falsch a läit ee nieft der Plack. Grad Kommunioun kann an där eent nët trennen vum ganzen anere Rescht, wat eng Par as oder sech wéinstens Méi gët, ze sin. Et soll een nët trennen, wat dem richtege Sënn no zesummegehéiert.

Wa vu virerof dee Grondprinzip als richtig unerkannt gët, a wou éierlech probéiert gët, duerno ze handeln, gët et och nach haut gutt Grënn, fir zesummen e Fest vun der éischter Kommunioun ze feieren.

Iwwert dës Grënn hu mir äis an der Par Gedanke gemaach:

- op engem Parweekend
- op enger Parversammlung
- an Elterenowender
- a Priedegten
- an eiser Parzeitung

an elo nees bei der Redaktioun an der Diskussioun vun dësem Text fir an de 'forum'.

Wat d'Leit alleguer ugeet, soll och vun alle Leit besprach gin - dat as en aaltkiirchlecht Prinzip, dat zwar dacks an der Geschicht vun der Kiirch vergiess gouf, dat awer nach haut grad esou aktuell as wéi fréier.

ENG NEI GESELLSCHAFTLECH A KIIRCHLECH SITUATION

Firwat muss een haut extra doriwwer nodenken? Eischtkommunioun war dach bis elo ëmmer eppes

Selbstverständlech. Firwat gët dat op eng Kéier problematesch?

Fréier stong alles genau an de Bicher, wéi een et soll maachen. Villes steet zwar och nach haut dran, mä jidferen, dien sech kengen Illusiounen higët, weess, datt dat, wat esou schéin an de Bicher steet, nët méi richtig ukënnt. Di gesellschaftlech Situatioun a konsequenterweis di kiirchlech Situatioun hu sech grondlegend geännert. A virun allem: d'Glawenssituatioun vum Eenzelnen; e Glawen, dien dacks méi Froe stellt, wéi en der beäntwert. Wie mengt, dat kënnt een iwwersprangen, de streckt de Kapp an de Sand; dien huet nët de Courage, der Realitéit an d'Aen ze kucken.

Dës Situatioun muss eng Par verstoën als Erausforderung, fir nei ze denken, nët als Grond, fir ze resignéieren an e permanente Lamento unzestëmme. Wat Glawen mat Vertrauen ze din huet, da gët a ville Paren de Contraire gemaach vun diem, wat gepriedegt gët.



**Rendez-moi petit à
mes propres yeux**

Et kann een nëmmen dat feieren, wat ee gleeft a lieft.

Et muss een och wëssen, datt et nët op all Fro eng fäerdeg Aentwert gët. Aus Glawen eraus muss een et fäerdeg bréngen, a Gedold auszehalen an enger Situatioun vun Onsécherheet, vu religiéisem 'ballotage'.

An nach eppes: virgesin, séng Meenung ze änneren, wann eng nai a besser Asiicht sech astellt.

EIS PASTORAL OPTIOUNEN

Wann eise Grondprinzip richteg as, datt eng Kommuniounfeier eng ganz Par betrëfft, da versteet een och besser, datt di puer pastoral Optiounen, vun deenen elo Rieds geet, sech nët exklusiv op d'Eischtkommunioun fixéieren; si betrëffen eis Gesamtstellung zum Parliwien.

D'LEIT DO OFHUELEN, WOU SE STIN

Sou wéi an anere Beräicher gëllt et och fir de religiöse Beräich: wou deen ee villäicht mat Liichtegkeet 5 Meter mécht, kann deen aneren nëmmen 1 Meter maachen.

Duerfir: nët vu jidferengem deeseweschte Glawensengagement fuerderen.

An och keen iwwerfuerderen.

Mir plädéieren fir eng differenziert Pastoral fir differenziert Situatiounen.

Wa mer äis an eisen Haltungen wëllen op Jesus beruffen, dann nët vergiessen: et waren déi Aarem, fir déi hien sech fir d'éischt beméit huet, fir déi hie sech am meeschten agesat huet.

Mir stellen äis d'Fro: wie sin haut déi Aarem? Sécher nach ëmmer déi materiell a finanziell Aarem. Mä hei bei äis gët et villäicht nach méi geeschteg, séilesch, religiéis Aarmutt. Eiser Här huet kee vun hinne fortgeschéckt a gesot: et deet mer leed, mat dir kann ech näischt ufänken! Huele mer d'Geschicht vum verluerene Schof nëmmen wéi eng schéi Geschicht? besonnesch fir Kanner? mä ganz sécher ouni pastoral Konsequenzen?

"MIR SIN NET HÄER IWWER ÄRE GLAF" (2 Kor 1,24)

Eiser Meenung no huet keen d'Recht, sech als Här a Riichter iwwert de Glawen, respektiv Onglawen vu séngem Matmënsch opzespillen. Mir gin dervun aus, datt fir äis all, ob 'Praktikant' oder nët, gëllt: Ech gleeuwen Här, mä stéi mer zur Säit a méngem Onglawen (Mk 9,24). Wësse mir, déi mer an d'Kiirch gin, ëmmer esou gutt, wien zum Wees a wien zum Onkraut zielt? Duerfir huet eiser Här gesot, et soll een déi zwou Saache matenee wuesse loossen... (Mt 13,24ff.)

WIE "PRAKTIZEIERT"?

As et kloer an ondiskutabel, datt dien d'Evangelium am beschte 'praktizéiert'; die sonndes an d'Maas geet. As dat den eenzegen a wichtigsten Referenzpunkt an eisem Urteel? Wéi dacks huet Jesus gewarnt, d'Leit vireileg no religiös-ethesche Critèren ze beurteilen, déi een no bausse ka gesin. Hie war der Meenung, datt déi sougenannt Fromm sech dacks iren: dieser

ging gerechtfertigt nach Hause, jener aber nicht! (Lk 18,9ff) An dee "jener" war dee Frommen, dee ganz vir bei der Kommuniounbänk stong.

Domatt as näischt géint d'Wichtigkeet vun der Sonndesmass gesot; allerdéngs muss se mer hëllefen, am Alldag ze 'praktizéieren' - soss erfëllt d'Sonndespraxis hire Sënn nët.

KOMMUNIOUN A PARTAGE

Wa mer zesumme Kommunioun feieren, deele mer dem Jesus säi Brout. De Partage as äis ganz wichtig, fir datt mer bei deem Gest an der Wourecht sin an dat maachen, wat Jesus mat sénge Frënn gemaach huet: maacht datselwescht an denkt derbäi u méch!

Bei der Eischtkommuniounfeier hun eis Kanner dëst Lidd gesongen; mir fannen, datt et gutt seet, wat mir mengen:

Wees, kuck hei goldeg giel;
Kären, doraus gët gutt Miel;
Brout as e schéint Geschenk, as e schéint Geschenk.

Brout brauche mir all hei,
Brout schmaacht all Dag nees nei,
Brout as e schéint Geschenk, as e schéint Geschenk.

Brout, dat den Här äis gët,
Jesus, hei an eiser Mëtt -
Hien as e schéint Geschenk, as e schéint Geschenk.
Lauschtet, wat den Här iech seet,
Hie weist, wou de Wee higeet,
Hien as e schéint Geschenk, as e schéint Geschenk.

Mir solle Brout och sin,
Brout fir di aner gin,
Léift as e schéint Geschenk, as e schéint Geschenk.
Kommt mat, kommt mat an de Krees,
gitt mat, gitt vun ärem Wees,
Léift as e schéint Geschenk, as e schéint Geschenk.

LIEWEN - GLEEWEN - FEIEREN

Kommunioun heescht a Gemeinschaft sin, ënnereneen a mat Jesus Christus: an dat cent nët ouni dat anert; grad dorop kënn et un.

Wa mir d'Brout vum Jesus deelen, wësse mer, datt dat Brout fir säi ganz Lieue steet. Vu sénger Lieweasstellung muss sech also och eppes bei äis weisen. Et kënn drop un:

- sech mënschlech kennenzeléieren, sech mënschlech nozekommen;
- ze léieren, mateneen iwwert dat ze schwätzen, wat ee gleeft; dat geet am beschten am klengen Grupp, z.B. an engem Elterepp;
 - dermatt ze rechnen, datt et och bei Chrëschten, bei allem gudde Wëllen, zu Konflikter kënn; probéieren, se nët ënnert den Teppech ze kieren; driwwer schwätzen; keen derbäi futti maachen.

Kommunioun zesumme feieren heescht dann, fir di Kleng a fir die Grouß:

zesumme liewen
zesumme gleewen

an di zwou Saachen zesumme feieren: dat wat gelieft gët an dat wat genau doran gegleeft gët. Ennert deene Konditiounen as Kommunioun kee Luxus, dien op eppes total Friemes vu baussen opgeprafft gët, mä ee Stéck geliefte Glaf.

D'Qualitéit vun enger Eischtkommuniounfeier steet duerfir an direktem Bezug zur Qualitéit vum alldeeglechen Zesummeliewen a vun der Qualitéit vun deenen anere Pargottesdénkschter - no eisem Prinzip: et as di ganz Par, di Kommunioun feiert a mat de Kanner Eischtkommunioun feiert.

Mir hoffen, datt op déi Manéier eis Kanner léiere gleewen. Gleewe léieren kann een nëmmen do, wou Glawen as a lieft. Duerfir bleift d'Fro, déi äis ëmmer begleede muß: Lieft de Glawen an eiser Par? Kann ee bei äis léieren, wat et heescht: am Vertrauen op den Herrgott ze liewen? Wéi weist dat sech? Wou weist dat sech?

MIR FEIERE GÄREN ZESUMME FESTER

Mir fannen et wichteg a flott, datt frou a flott Fester an eiser Kiirch gefeiert gin. Mir fillen äis nët nëmmen als Kapp, die permanent 'bepriedegt' gët, mä als ganz Mënschen vu Kierper, Häerz a Gefill. Dat wëlle mir op kee Fall an der Kiirch ënnerdrécken. Et gët an eiser Gesellschaft Plaze genuch, wou de Mënsch opgespléckt gët an nëmmen een Deel vun him wichteg geholl gët.

An och de Raum vun der Kiirch als Versammlungsraum vun der ganzer Par as äis wichteg. Wat dee Raum fir äis a fir eis Kanner ka bedeuten, versicht dëst Lidd ze soen, dat mir zesumme sangen:

Ech weess enzwouch en Haus
Et zitt mech och dacks dohin
Do gin ech gären an an aus
'T deet gutt doheem ze sin
Wat kommen ech hir man
Firwat gouf dëst Haus gebaut
Wie kënn mat mir nach hei eran
Deslescht an och nees haut

Ech weess enzwouch en Haus
Do schléit mir eng aner Zäit
Do gin ech gären an an aus
Mäi Bléck geet do mäi wäit
Hei hun ech Zäit fir mech
An näischt dat mech hetzt an dreift
Hei hun ech Herrgott Zäit fir dech
'T as gutt wann et sou bleift

Ech weess enzwouch en Haus
Um Dësch steet do Brout a Wäin
Do gin ech gären an an aus
Wat mäin as hei och dän
Hei lauschten ech op een
Dee war fir di aner do

E Bess're kennen ech soss keen
An him kënn Gott mir no

Ech weess enzwouch en Haus
An do fannen ech meng Rou
Do gin ech gären an an aus
Ob traureg oder frou
Hei si mir beieneen
Di Grouss an di Jonk, di Kleng
Mir biede, sange mateneen
Wien as scho gär eleng

Mir sin der Meenung,

- datt Fester eng wichteg Roll am Liewen hun: si hiewen d'Bedeutung vun zentrale Momenter am Liewen ervir an hëllef, d'Banalitéit vum groen Alldag e besse besser ze erdroen;
- datt d'Feiere vu Fester vill zu erliefter Gemeinsamkeet bäidréit;
- datt Gemeinsamkeet sech am beschte weist, nët wann driwwer gepriedegt gët, mä wa mer zesumme laachen a wa mer zesumme kräischen.

Wir sind eingeladen

Meistens empfinden wir Freude, wenn wir eine Einladung erhalten, sei es zu einer großen oder kleinen Feier. Irgend jemand freut sich, uns bei sich zu wissen, um Freude und Glück, Sorge und Leid zu teilen.

So empfinde ich auch die Einladung Gottes, sich in seinem Haus, an seinem Tisch zu versammeln. Gott ruft die Menschen zu sich. Er will uns seine Liebe und Treue schenken, durch die Hl. Kommunion. Gott will uns auch im Alltag begleiten, und die Messfeier ist ein Angebot Gottes, unser Leben, mit allem was das beinhaltet, zu teilen. Die 1. Hl. Kommunion ist ein Geschenk Gottes, das uns ermöglicht, in eine tiefere Gemeinschaft mit Christus zu treten.

Ja, der Tag an dem die Kinder zum ersten Mal das Brot von Jesus erhalten soll ein Fest- und Feiertag sein. Durch eine ständige Vorbereitung auf dieses Fest - zuhause und im RU - sollen die Kinder verstehen lernen, warum sie sich von ganzen Herzen freuen sollen. Daher soll der Gottesdienst mit den Kindern und ihren Familienangehörigen vorbereitet und mitgestaltet werden. In dieser Messfeier sollen die Kinder spüren, daß sie von nun an immer aufs neue von Gott eingeladen sind, den Weg nicht alleine zu gehen, sondern durch die Kraft dieses Brotes ihren Lebensweg mit Jesus zu teilen. Jedes Kind soll die Möglichkeit haben, Jesus nicht nur durch das Gebet und die biblischen Erzählungen kennenzulernen, sondern vor allem durch die Kraft der Hl. Kommunion.

In der Messfeier bringen die Kinder Lieder der Freude, des Dankes und Gebete dar, sie lesen und hören Jesu Wort. Danach tritt Jesus dann selbst in ihr Leben durch sein Brot, und gibt ihnen somit eine neue, größere Dimension. Dieser Tag soll für jeden, der im Gotteshaus anwesend ist, eine In-Frage-Stellung sein, in wie weit er der Einladung Gottes gefolgt ist. Für manche soll es aber auch ein freudiger Neubeginn sein, Gottes Treue zu erwidern. Durch eine schöne, frohe und feierliche Kommunionfeier können auch wir einen neuen Anfang unserer Gemeinschaft mit Jesus machen; dieser Neubeginn findet seine Fortsetzung bereits in dem anschließenden Treffen der Familie mit Freunden und Bekannten.

Jedem soll dabei freigestellt sein, ob es eine größere oder kleinere Feier gibt, ob das Kind ein vernünftiges Geschenk erhält, oder z.B. eine Geldsammlung zu Gunsten eines sozialen Werkes angeboten wird.

Hauptsache soll und muß die Messfeier bleiben, damit das Kind, besonders von diesem Tage an, mit Freude und Begeisterung am Mahl mit Jesus beteiligt ist

*Marthe Koenig-Zahlen,
9.12.1988*

FESTER MUSSE VIRBEREET GIN

Wann Elteren mat hirem Kand decidéieren, d'Fest vun der Kommunioun mat der Par ze feieren, dann erwaarde mer vun hinnen, datt si sech zesummen mat aneren Elteren Gedanken driwwer maachen, wat dat Ganzt soll a bedeit.

E chrëschtlech inspiréiert Fest as e Fest, dat d'Bedeutung vun enger Facette vum Glawen ervirsträicht. Wat dat bei der Feier vun der Kommunioun heescht, hu mir scho gesot. Bei der Virbereedung op dat Fest geet et duerfir nët ëm Niewesächlechkeeten, mä et geet ëm mäi Glawen an ëm däi Glawen.

Et kann een nëmmen dat feieren, wat ee gleeft a lieft. Genau doriwwer sollen d'Elteren nodenken, wat dat fir si bedeit. E Fest kann een duerfir nët improviséieren; et as genau esou vill wäert, wéi et an dësem Sënn virbereet gët. Et ka keen vun engem Paschtouer verlaangen, datt en a sénger Kiirch eng Theatervirstellung gët.

Eis Erfahrung vu 5 Joer:

Et as méiglech, esou virzegoen an och den Distanzéierten dës Opfaassung kloer ze maachen. Mir maachen dat ouni Drock a Kontroll. A mir si gutt der sonner auskomm. Mat Drock a Kontroll erreecht ee villäicht eppes an der Schoul oder an der Arméi, awer sécher nët - gottseidank - an der Kiirch; oder, wat dacks virkënnt a wou di verantwortlech Leit sech liicht irféiere loossen: et erreecht ee villäicht eppes, mä dat falscht: eng virgetäuschten Haltung no baussen, eng ëmsou gréisser Distanz no bannen. Dat wëlle mer op kee Fall: Drock a Kontroll gët et bei äis nët.

Dës pastoral Astellung as bis elo vun de Leit an der Par respektéiert a belount gin. Och a pastorale Froe gëllt: wéi een an de Bësch rífft, sou schaaft et zrëck!

"WEINI MUSS EEN SENG KOMMUNIOUN MAACHEN?"

Op eng Fro, déi falsch gestallt as, as et schwéier, eng richtig Antwort ze fannen. Et "muß" een guer nët "séng" Kommunioun "maachen"!

Wat heescht hei "mussen"?

"Séng Kommunioun" - esou eppes gët et nët: dat as e Widersproch schon an de Wierder; Kommunioun kann ech nëmme mat aneren hun.

Hei gët et och näischt ze "maachen": et geet hei ëm liewen, gleewen, feieren.

Dëse komesche Saatz gët allerdéngs ervirgeruff durch eng Situatioun, där munnech Leit nët gewuess sin; si handeln nom Sproochwuert: maach ewéi d'Leit, da geet et der wéi de Leit. Et muss een hinnen hëllef anzegesin, datt dat an der Glawenspraxis kee Sënn ergët. Glawen as mat der Léift dat perséinlechst, wat et gët: et huert guer kee Wäert, sech an deem Zesummenhank un irgendeppes unzepassen.

Eng Hëllef, déi eng Par deene Leit ka gin, besteet doran, d'Feier vun der Eischtkommunioun vun engem bestëmmte Schouljoer (bei äis hei am Land as dat an der Regel dat 3. Schouljoer) lasszekoppelen an et den Eltere fräizestellen, mat hirem Kand a mat der Par Kommunioun ze feieren, wa si et fir richtig fannen. Den Avantage dovun as, datt den Drock vu baussen, Kommunioun "mussen" ze feieren, well ganz Schouljoren zesummen opmarschéieren, fir munnech distanzéiert Leit méi kleng gët. Dat as ee Grond fir et esou ze maachen.

Et gët awer nach méi e wictegen.

Glawen a Kommunioun hun nët méi mat engem 3. Schouljoer ze din wéi mam 2. Jor Pingpong oder mam 4. Jor Conservatoire! Glawen a Kommunioun hun eppes mat der religiéiser Entwécklung, mat der Glawensbiographie vum Kand a vu séngen Elteren ze din. An hei gët et nëmmen eng valabel Haltung: datt Elteren zesumme mat hirem Kand entscheeden, wéini Zäit fir wat as.

Mir wëssen: dat alles as méi einfach gesot wéi gemaach. Mir gesin awer keng aner Méiglechkeet, fir et an Zukunft esou ze maachen. Bei der Firmung hu mer et fäerdeg bruecht, eng fräi Entscheidung méiglech ze man. Mir hoffen, datt dat äis och bei der Kommuniounfeier gelenkt.

AN DE GESCHENK-RUMMEL?

Et gët vill iwwert d'Kommuniouncadoe geschwat.

Sou wéi mer fir d'Feiere vun de Fester sin, sou si mer och fir de schéine Gebrauch vun de Cadoen. Wann ech engem e Cado maachen fir e Fest, dann drécken ech domatt aus, datt ech mech mat him freen. Firwat gët dat op där enger Säit iwwerbetount, op där aner Säit lächerlech gemaach?

An eiser Par hu mir et esou gemaach:

Mir hu mat den Elteren a mat de Kanner geschwat iwwert de Sënn vum Schenken: eise Glawen huert esou vill mat Geschenkcharakter ze din, - sou wéi et an engem vun deenen 2 Lidder zum Ausdrock kënnt - datt et an eisen Aen e Verloscht wier, wann dat géif einfach ewechfalen. Déi, déi mam Kand op séngem Fest feieren, z.B. d'Leit aus sénger Famill, kënnen him och roueg e sënnavolle Cado maachen.

Op där aner Säit sollen d'Kanner och verstoen, datt Cadoen e Stéck Partage sin: ech delen eppes mat engem gudde Frënd. An duerfir si mer der Meenung, datt e Kand an der Kiirch soll léieren, mat frouem Häerz eng Parti Cadoen mat aneren ze deelen. Mir hun de Kanner, den Elteren an de Parleit virgeschlon, datt d'Noperen an d'Bekannten als Cado en Don solle maachen zu Gonschten vun där Aktioun, déi d'ganz Par an der Faaschtenzäit ënnerstëtzt huert. Dat as och ganz gutt gaangen.

KENG EESTEMMEGKEET

Di allermeeschte Leit aus der Par, déi sech iwwer dës Froe Gedanke gemaach hun, hun dësen Text guttgeheescht. Dat bedeit nët, datt jiddereen all Einzelaspekt als deen eenzeg richtegen ugesäit. Et kann een

**Eng
differenzéiert
Pastoral fir
differenzéiert
Situatiounen**

dat Ganzt akzeptéieren, ouni mat jiddfer Detail d'accord ze sin.

Eng Persoun as mat der gesamter Optioun nët averstanen. Si as der Meenung, datt de Glawe méi wichteg as wéi d'Sakramenter an datt et kee Wäert

huet, Sakramenter ze spenden, ir eng fräi Glawensentscheidung méiglech as.

Am Numm vun de Parleit vu Rued/Sir

Jean Leyder, Paschtouer